



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 11. September 2020

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech dës parlamentaresch Fro un den Här Premier- a Staatsminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Op rtl.lu gëtt den LSAP-President nom Kloertext op RTL Tele Lëtzebuerg vu geschter mat folgende Wierder zitéiert :

« Dat géif och bedeuten, datt mer mussen dem Staat d'Méiglechkeete ginn, fir kënne gewuer ze ginn, wat d'Verméige vun de Leit ass. An da musse mer och hei zu Lëtzebuerg eng Kéier iwuer d'Bankgeheimnis schwätzen, [...] wat mer jo par rapport zu eisem Ausland opginn hunn, mä bei eis am Land hu mer dat nach ëmmer. »

Weider steet dozou op rtl.lu ze liesen :

« Déi gréng Parteipresidentin Djuna Bernard huet dem Yves Cruchten Recht ginn, datt Donnéeë géife feelen an d'Ophiewe vum Bankgeheimnis do ee Moyen wier.

« Ech verschléisse mech absolut net der Iddi dovunner an ech mengen och, dass mer an déi Richtung sollte fueren [...] ».

De Moien war de President vun der Lëtzebuenger Bankenassociatioun (ABBL) Invité vun der Redaktioun op RTL Radio Lëtzebuerg. Op d'Fro nom Ofschaffen vum Bankgeheimnis fir Residenten huet hie gemengt :

« Dat ass fir mech eng reng politesch Fro a wéi fern dass ee wëll de glieserne Bierger sou duerstellen, dass een déi ganz Diskretioun, déi ganz Confidentialitéit vun de Leit wëll sacrificiéieren. Dass dat elo en direkten Impakt op d'Bankgeschäft huet, géing ech net gesinn. »

Mir wéilten duerfir folgend Froen un d'Häre Ministeren stellen :

- Huet d'Regierung wëlles d'Bankgeheimnis fir Residenten ofzeschaffen ?
- Wa jo, a wéi engem Delai ?
- Wann net, wat sinn d'Grënn fir d'Bäibehalen vum Bankgeheimnis fir Residenten ?

Mat déifstem Respekt,

Gilles Roth
Deputéierten

Laurent Mosar
Deputéierten